Den 1. Abrëll 2014 haten sech d´Kollegen vum Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg getraff fir op der Ouverture vun der Forell zesummen op den Strecken vun der Entente du Sud ze fëschen. Dëst Joër hat den Péitrus et besonesch gudd mat ons geméngt, woren et dach iwwer 20° Grad an vun Moies bis Owes nëmmen Sonn. Den Jemp, den Albert an den Luss woren schon traditionellerweis op Kautenbach gefuer fir an der Wolz ze fëschen. Mée et woren awer op allen Strecken vum Mechela bis Giewelsmillen vill Fëscher unzetreffen an och d´Kollegen vum Fly Fishing Club haten sech monter iwwert déi ganz Streck verdeelt. d´Waasser wor erstaunlech niddrég fir dës Zäit an hei an do konnt een schon eemol Gobagen gesin, och hun mir schon kléng gro Mécken gesin déi opgaangen sin mée no deem mëllen Wanter ass dëst Joër d´Natur jo am Allgeméngen ganz fréih un. Mir hun awer mam Streamer an mat Sinkschneier ungefaangen an séier woren déi éischt Forellen fir dëst Joër gefaangen. Dass d´Automatisem nach net direckt gegraff hun konnten mir och séier mierken, ewei wär et sos ze erklären dass den Albert säin fonkel nagel neien Permis eemol direckt Doheem op der Haustrap leien geloos huet an gefëscht huet Hien fir unzefänken och méi an den Hecken no séngen Mécken ewei am Waasser no Fësch mée éiert den Dag ëm wor huet och den Albert geworf ewei een Weltmeescher an wollt guer net méi Heem goën.

Nodeems mir Moies ee puer Stonnen gefëscht haten wor den Apéro ungesot an mir hun bei deem herrlechen Wieder natirlech dovunner gebrauch gemeet fir dësen op der Terasse ze huelen. Heifir haten mir eis op der Burschenter Millen am Keller getraff an lues a lues ass een Fëscher nom anneren angetraff an déi éischt Erliewnesser sin ënnereneen ausgetosch gin. Unschléissend hat den Erny eis am Keller reservéiert ewou mir Ham Fritten an Zalot oder Spaghettiën opgedëscht kritt hun. Mir hun eis et gudd schmaachen geloos an d'Portiounen woren net ze knapps ausgefall. Schnell nach éng gudd Taas Kaffi oder een Espresso an schon hun mir eis erëm op den Weë gemeet.

Mir sin Mëttes op d´Giewelsmillen gefuer ewell mir eis do ee bëssen méi Waasser erwuard hun fir kënnen ee bëssen Roulette ze fëschen. Och mat déier Method konnten mir ee puer Forellen iwwerlëschten an bedéngt duurch dat gudd Wieder woren zeguer schon d´Barwen aktiv an esou konnten mir och schon zu dësem fréihen Zäitpunkt am Joër ee puer schéin Barwen fänken déi mir natirlech erëm schounend zeréck gesat hun ewoubäi mir allgeméng Vertrieder vum No Kill sin an esouwisou all déi gefaangen Fësch erëm ganz schounend zeréck setzen. d´Barwen woren gudd an Form an hun eis schéin an d´schweesen bruecht an dass se schéin lieweg woren kann een op den Fotoën ënnerdrënner gesin ewou den Barw et net méi erwuarden konnr zeréck an d´Waasser ze kommen an dobäi den Luss schéin naass gemeet huet.

Jee och dëst Joër huet eis d´Ouverture erëm gewisen dass een net onbedéngt wäit Reesen muss ob sech huelen fir kënnen schéin Momenter zesummen mat den Fëscherkollegen ze verbréngen an zeemols nodeems mir den ganzen Wanter jo awer och ob éng laang Gedoldsprouw gestallt gin sin. Mée elo ass den Unfank jo gemeet an et wor een ganz glongenen Unfank an esou kann et weidergoën. Och eis Komeroden woussten eis nëmmen Guddes ze berichten an egal op ewei énger Streck, sief et zu Mechela, op der Giewelsmillen oder op der Wolz iwwerall sin Fësch gefaangen gin.

Elo frëen mir eis awer schon op eis nächsten Sortie déi eis den 26. Abrëll op Lacroix sur meuse féiert an ewou mir hoffentlech et grad esou gudd mam Wieder erwëschen ewei dat Haut den Fall wor.